Action Avenir Haïti

stellt sech vir...

Mir sinn e Grupp vun e puer Lëtzebuerger, déi alleguerten schon op Haiti waren, an sech e Bild vun der Situatioun maache konnten. Duerch eng grouss Frëndschaft mat haitianesche Scouten ass d'Iddi entstaanen sech an hierem Quartier "Rivière Froide", e Viruert vu Port-au-Prince, ze engagéieren.

Eis Iddi

Direkt a konkret Hëllef, fir deem eenzelne Mënsch eng Existenz ze erméiglechen.

- Ennerstëtze vu klengen Entreprisen an Handwierker duerch kleng Prêten (Mikrofinanzement)

- Ennerstëtze vun enger Schoul fir Kanner vu mannerbemëttelten Elteren.

Beispill vun engem Mikrokredit

Eng Bitzmaschin fir den Estima

Den Estima ass e Schneider, deen awer leider keng Méiglechkeet haat fir sech eng eege Bitzmaschinn ze kafen. Wann hien Aarbecht hat, huet hien sech eng Maschinn misse léinen, woufir hie natierlech och Locatioun bezuelt huet. Duerch e Mikrokredit vun 200 Euro kann hie sech elo eng eege Maschinn leeschten, déi hien an zwee Joer ofbezuele kann. Den Estima huet elo d'Méiglechkeet fir besser an och méi Kleeder ze bitzen. Hie kann anere Leit seng Maschinn zur Verfügung stellen, respektiv selwer e Bitzatelier ariichten.

Ennerstëtzung vun enger Schoul

Méi wéi 50% vun de Kanner vun der Rivière Froide kënnen net an d'Schoul goe, well hier Elteren dëst net bezuele kënnen.
Mat Donen, Aktiounen, Parrainagen an de Remboursementer vun den Mikrokrediter ennerstëtze mir eng Schoul, déi Enn 2004 vu benevolen Haitianer gegrënnt gouf.
Mir hun 3 Spillschoulsklassen, a Primärklasse vum 1. bis d'5, Schouljoer an eisem Gebai ënnerbruecht, déi vu 6 Jofferen an 2 Schoulmeeschteren encadréiert ginn.

Vu 50 Kanner virun 2 Joer si mir elo schon bei 170 Kanner ukomm, déi all Dag an d'Schoul kommen.

Déi meescht Kanner komme mat engem eidle Mo an d'Schoul, an sou ass et selbstverständlech, dass all Kand all Dag eng waarm Molzecht zervéiert kritt.

Mëttlerweil hu mir och ee Parrainage-System agefouert, wou ee mat 25 € de Mount d'Käschten fir ee Kand fir e Joer iwerhuele kann. Weider Informatiounen um Tel. 33 55 36 oder parrainage@aah.lu (Theisen Danielle)

Haiti

Haiti, eent vun deenen ärmste Länner op der Welt, deelt sech d'Insel "Hispaniola" mat der Dominikanescher Republik.

Wéi déi meescht Inselen an der Karibik, stamen d'Haitianer vun afrikanesche Sklaven of, déi tëschent dem 16. an 18. Joerhonnert heihinner verschleeft gi si fir op den Zockerrouerplantagen ze schaffen. Haiti ass 1804 als éischt schwaarz Republik, onofhängeg ginn.

No 200 Joer eegener Misswirtschaft a friemer Amëschung an Ennerdréckung, ass Haiti haut ekonomesch total zerstéiert. Entwécklungshëllef kënnt nëmme lues virun, well säitens vum Stat keng Ennerstëtzung do ass. D'Leit sinn op sech gestallt, a sou gesinn och d'Zuelen aus:

62% ënner- an zevill eesäiteg erniert

70% aarbechtslos

50% kënne weder liese nach schreiwen

54% hu keen Zougang zu propperem Drénkwaasser ...

Kontakt:

Action Avenir Haïti

Siège social
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel

☎ **33 55 36**
email: **contact@aah.lu**
http://**www.aah.lu**

CCPL IBAN LU81 1111 2342 0345 0000

Stand: 01.06.2007

Action Avenir Haïti

Mir hëllefen an Haiti,

engem vun deenen

ärmste Länner op der Welt.